Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23te Januar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Ëmwelt & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

Verschidde Stied an Holland hunn säit knapps engem Joer hir Quantitéiten u Pabeieroffäll duerch eng simpel Mesure reduzéiert, wéi verschidden Zeitungen am Ausland beriichten. Deemno kënnen Haushälter an Holland duerch een Opt-in decidéieren, ob si wëlle Werbung a Form vu Pabeier an hier Bréifboîte gehäit kréien. Dofir mussen si nëmmen op hirer Bréifboîte uginn, dass si Werbung erhale wëllen. All Werbung, déi net explizitt un eng Persoun adresséiert ass, däerf net ouni d'Averständnis vun der Persoun an d'Bréifboite geheit ginn. Entreprisen, déi sech net dorunner halen, kënne vun de Leit gemellt ginn a sinn da gezwongen héich Geldstrofen ze bezuelen. Duerch dës Mesure huet d'Stad Amsterdam, den Informatioune vum Site *geo.de* no, zirca 34 Kilo Offäll pro Haushalt pro Joer agespuert.

An deem Zesummenhang well ech dem Minister folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Kilo Ooffall, opgelëscht no Material (Pabeier, Plastik, etc.), entstinn zu Lëtzebuerg all Joer duerch Bréifboitewerbung?
2. Wäert d'Regierung den hollännesche Wee matgoen an dofir suergen, dass Werbung iwwert de Postwée nëmmen nach iwwert een Opt-in kann ausgestallt ginn? Falls jo, ab wéini? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten